LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 25 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 JAN. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 85 du 11 décembre 2018 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le nouveau type de parcomètres, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Xavier Bettel, Minister fir Kommunikatioun an Medien op déi parlamentaresch Ufro n° 85 vum 11. Dezember 2018 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN

D'parlamentaresch Ufro vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen bezitt sech op de Dateschutz am Fall wou e Chauffeur d'Plackennummer vun sengem Gefier bei enger Parkauer muss uginn.

Den Artikel 5 vum ofgeännerte Gesetz vum 14. Februar 1955 iwwer d'Reglementatioun vum Stroosseverkéier erlaabt der Gemeng d'Konditioune vum Parken op hirem Territoire selwer festzeleeën. Dës Konditioune ginn vun der Gemeng an engem Verkéiersreglement festgehalen. Den zoustännege Minister fir Transport iwwerpréift dësen op seng Konformitéit zu anere Reglementer respektiv zum Code de la Route.

D'staatlech Verkéierskommissioun ass zur Zäit mat engem Dossier befaasst, wou eng Gemeng wëlles huet däraarteg Parkaueren op hirem Territoire anzeféieren.

Wat de Volet Dateschutz betrefft: falls esou nei Parkaueren eng Veraarbechtung vu persounebezunnen Donnéeë mat sech bréngen, mussen d'Gemengen dat als jeeweilegen "Responsable du traitement" veräntwerten a sécherstellen, dass si mat der europäescher an lëtzebuergescher Gesetzgebung iwwer Dateschutz am Aklang sinn. Wann eng betreffend Persoun mengt, hier Rechter wieren net respektéiert ginn, ass et méiglech, eng Reklamatioun bei der Nationaler Kommissioun fir Dateschutz (CNPD) eranzereechen. Et ass net um Ministère, mä un der Opsiichtautoritéit –der CNPD– ze jugéieren, ob dës Veraarbechtung vu persounebezunnen Donnéeë mat der Gesetzgebung am Aklang ass.